| AMICALE LTPEM | **Info - Blat** | No 35<br>Dezember 2022 |
|---|---|---|
| 1933 – 2008<br>75 Joer Amicale | Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl | www.amicale-ltpem.lu<br>amicale@amicale-ltpem.lu<br>CCPL LU65 1111 0233 3353 0000 |

**Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.**

Mat grousse Schrëtt beweege mir eis op d`Enn vun engem beweegende Joer zou.

D`Joer 2022 war sécherlech net esou vu Succès gekréint wéi mir Iech an ons dat gewënscht hunn. Och wa mir ons no 2 Joer e bësschen dru gewinnt haten fir mat engem Virus an der Gesellschaft ze liewen, ass en nach ëmmer net verschwonne. Dobäi koum dann nach dëst Joer den onnéidegen brutalen Krich an der Ukrain mat sengen wäitleefegen Folgen fir Europa an de Rescht vun der Welt. Mir hoffen dass Dir an är Famill sou gutt wéi méiglech duerch des Zäit kommt, wënschen eng schéin a besënnlech Chrëschtzäit, a fir 2023 dass Dier mat ären Léifsten gesond bleift.

---

**14. Juli 2022 Remise des Certificats am fréiere Tramsschapp um Lampertsbierg.**

Mat der Presenz vum Här Staatsminister Bettel, deen mat der Direktesch vum Lycée Privé Emile Metz, der Madamm Berchem d`Diplomiwwerreechung un d`Schüler gemaach huet, huet d'Amicale bei dëser Geleeënheet, dëst Joer, 2 « Élève Méritant », e Präis iwwerreecht.



---

Iwwert d`Summervakanz ass esou munches an onser Schoul passéiert, net nëmmen un de Gebailechkeeten ass vill geschafft ginn, mee och an der Direktioun sinn Ännerungen komm.

**September**

Nach an der Schoulvakanz ass den Här Decker John, Directeur adjoint an seng wuelverdéngten Pensioun gaangen.

Och d`Madamm Berchem, Directrice vum Lycée huet d'Schoulrentrée just nach ugefaangen an ass kuerz drop och an di wuelverdéngten Pensioun getrueden.

Hinnen zwee wënsche mir nëmmen dat bescht fir hier Pensioun an soen villmools Merci fir alles wat se fir d'Schoul gemaach hunn.




Fir di wichteg Posten ze besetzen huet dunn den Verwaltungsrot folgend Leit noméiert:

Ab dem 1 September

krut den **Här Wantz Yves**

de Poste vum Directeur adjoint



An ab dem 1 Oktober

huet den **Här. THILL Pascal**

de Poste vum Directeur iwwerholl



D`Platz vum Här Thill Pascal als

Attachée à la direction ass dunn

vun der **Madame DOS SANTOS Carla**

iwwerholl ginn.



Niewent der Madamm Berchem an dem Här Decker hunn nach eng ganz Partie Leit tëscht September an November hier Pensioun ugetrueden, dat sinn:

Rosati Carlo, Kirsch Jean-Paul (Siggy) (aktuelle Member am Comité vun der Amicale), Büchler Patrick, Bolmer Denis, Franzen Gerrard

Och hinne wënsche mir eng schéin erhuelsam a gesond Pensioun.

---

**24. September 2022, Visitt am Musée de l'Ardoise**

An enger flotter Gesellschaft hunn interesséiert Memberen vun der Amicale zesummen eng Visitte am Schifermüsée zu Uewer-Marteleng gemaach.

Do konnt een net nëmme gesinn wéi d`Aarbechter fréier vun Hand aus den Schiferfielsblèck Daachleeën geschloen hunn, mee och wéi di ganz Industrie do opgebaut ginn ass an funktionéiert huet. Nieft engem Tour um risegen Site baussen ass et dunn och nach ënnerierdesch an eng Schifergrouf gaangen, wou een d'Fielsen ``vu bannen´´ konnt kucken.



---

**Generalversammlung.**

Ons traditionell Generalversammlung ass virgesinn, den 19. Januar 2023 ofzehalen. Dëst geschitt erëm an der gewinnter Form. (Generalversammlung an duerno Iessen) Eng Invitatioun gëtt mat Zäiten verschéckt.

## Mir wënschen Iech an ärer Famill schéi Feierdeeg an e glécklecht neit Joer